

**Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'avenir de la place  
financière dans le cadre précis de l'évolution des cryptomonnaies**

**Laurent Mosar**

**- et gëllt dat geschwate Wuert -**

Här President, Dir Dammen an dir Hären,

D'Geschicht vun deem an den USA liewenden Laszlo Hanyecz ass legendär.

Am Mee 2010 huet de Mann an engem online-Forum geschriwwen, dass hien bereet wär 10.000 Bitcoins ze bezuelen wann een him géif 2 Pizzaë liwweren.

Tatsächlech huet sech dann och e Pizzalifferant fond deen dem Här Hanyecz 2 Pizzaë bruecht huet an hien huet dann och a Bitcoinen bezuelt.

Et soll déi éischte Kéier sinn, dass iwwerhaapt eng Persoun weltwäit an enger Kryptowährung bezuelt huet.

Gemiss um Kuer vun haut hätten déi Pizzaën den Här Hanyecz 95 Milliounen Euro kascht. Ech wees net op hien entretemps seng commande bereit, Fakt ass, dass hien säitdeem an der Szeen en absoluten Held ass.

Här President,

Den Internet sou wéi en sech an deenen leschten Joerzénge entwéckelt huet, huet déi gesamt Weltwirtschaft a Richtung vun enger globaler Digitaliséierung gefouert.

Niewent all deenen neien digitalen Innovatiounen déi an de leschten Joeren an der Welt vum Internet opgedaucht sinn, déi sougenannten DLT, Distributed Ledger Technology oder och blockchain genannt, déi ganz besonnesch an de leschten Joeren fir d'éischt opgedaucht sinn an si kommen elo op e Maturitéitsstadium deen se extrem interessant mecht fir eis ganz Gesellschaft, eis Industrien, eis Finanzsystem awer och eis Administratiounen, an méi generell geschwat, eis ganz Resources humainen.

An déi Aktualitéitsstonn vun haut, Här President, huet mir dann och perséinlech erlaabt mech an de leschten Deeg a Wochen méi mat enger innovativer a faszinanter Technologie nämlech där vun der blockchain auserneen ze setzen.

An och wann ech nach lang net alles dovun verstaanen hunn, sinn ech dach haut wesentlech méi schlau wat dës Technologie awer och wat hier Chancen a Risiken ugeet.

Fir d'éischt hunn ech geléiert, an ech wollt och meng Interventioun domat ufänken, dass Kryptowährungen an de blockchain 2 verschidde Puer Schong sinn, déi een och net soll eeigentlech direkt mateneen verméschen.

De bitcoin wéi all déi aner Kryptowährungen sinn natierlech eng direkt Applikatioun vun der Technologie.

De blockchain oder ass awer vill vill méi an stellt a sech eng Evolutioun, fir net ze soen eng Revolutioun duer wat déi natierlech Mutatioun vum Internet a Richtung vun vill méi Systemer vun Circulatioun vun der Informatioun ugeet.

Här President,

ier ech mech méi genau mat dëser Technologie befaassen, just e puer Wierder trotzdeem zu de Kryptowährungen:

Bei dësen handelt et sech em privat Geldsystemer déi just op Algorhytmen a Netzwierker opgebaut sinn.

Dës Geldsystemer, am Géigesaz zu den offizielle Währungen, ginn natierlech vu kengen zentral Banken kontrolléiert an dofir muss och all Investisseur sech bewosst sinn, datt den Handel mat dësen Kryptowährungen extrem groussen Risiken ausgesat ass, an datt de Risk vun enger Blooss déi zerplatzt hei en multiple méi grouss ass wéi bei traditionelle Währungen.

Ech gesinn dofir am Moment och guer kee Grond firwat esou Kryptowährungen staatlech Währungen an Zukunft géifen ofléisen well weder garantéiert dëst Privatgeld dem Spuerer méi Stabilitéit a manner Risiken oder manner Volatilitéit nach e méi gerénge Wärtverloscht als Konsequenz vun Inflatoun bidd, wéi déi traditionell Währungen.

Fir mech ass awer deen allergréisste Risk deen, datt natierlech den Interessi vun esou Kryptowährungen besonnesch grouss ass fir potentiell Krimineller déi natierlech versiche wärten esou virtuell Geldsystemer ze hacken, ze manipuléieren oder och am Interessi vum Einzelnen ze méissbrauchen.

Awer och fir de Konsument deen an dës Kryptowährungen investéiert, kënnt dat Ganzt éischer am Moment nach enger Achterbunnfahrt gläich an de Risiko fir alles ze verléieren ass deelweis nach méi grouss wéi am Casino wou et zomindstens gewëssen Regele ginn déi d'Spiller musse respektéieren.

Nach dir Dammen an dir Hären, solle mir eis keng Illusiounen maachen, datt dës privat Geldsystemer sech an Zukunft wärten weider entwéckelen an dofir, an dat ass och eng vun de Conclusiounen, ass et wichteg, datt mer awer dës sougenannten ico'en gewisse gesetzlech Bestemmungen enerwerfen, well et ka jo awer net sinn, datt déi sech an engem komplett rechtsfräie Raum bewegen.

Ech begréissen dofir och de Communiqué deen genau haut op den Dag eigentlech déi selwescht Analys mecht an deen eigentlech d'Positioun vun den Verrieder vun der europäescher Zentralbank iwwerhelt déi virun dësen neien privaten Geldsystemer warnt.

Här President,

Wat elo Technologie vum blockchain betrëfft, muss een se also lassgeléist vun hierer nach am Moment wichtigster Applikatioun, den Kryptowährungen gesinn.

Mee wat ass iwwerhaupt eng blockchain?

Dat ass eng dezentral Datebank déi eng emer méi grouss Lëscht vun Transactiounendatesätz emfaasst.

Dës Datebank gëtt chronologesch linear erweert an et kann een se a sech vergläichen mat enger Ketten déi am ënneschten Enn ëmmer erem nei Elementer dobäisetzt, dofir och de Begrëff blockchain.

Dës nei Technologie wäert eisen Wirtschaftssystem an den nächsten Joeren revolutionnéieren an et stellt och e net onwesentlecht Element vun der Digitaliséierung duer.

De Prinzip blockchain wäert awer och den Internet grondlegend veränneren well dëse Prinzip et méiglech mecht all Transaktiounen an engem sougenannten Keesbuch ofzespäicheren, déi dann Zeil fir Zeil verschlüsselt gëtt wat dann och bedeit, datt Daten wann se eng Kéier geschriwwe gi sinn, net méi verschwannen an domat och net méi verännerbar sinn.

Wat kënnen Viirdeeler vun dëser Technologie sinn?

Fir d'alleréischt de Schutz vu groussen Datenquantitéiten, iwwer Verschlüsselung, Méiglechkeet grouss Datequantitéiten iwwer d'Entreprise ze sammeln an z'analyséieren, eng einfach Verifizéierung vun Datenbezugspunkten, d'automatesch Opspiere vun Schwachstellen an der Liwwerketten an Paiementsverkéier an anere Geschäftsprozesser, t'Reduktioun a Vermeidung vun onnéidege Käschten duerch d'IT-Infrastruktur, Reduktioun vu Käschten fir intern an extern Finanztransaktiounen, Finanzreporting an Administratioun, Schaffung vun engem Mechanismus fir t'Verbesserung vun den verschiddenen regulatoréschen Reportingen an domadden och d'Beschleingung vun den Joeresofschlëss.

Als Nodeeler muss een opzielen, datt et haut nach wéineg individuell Installéierbarkeet, e geréngen Datenduerchsaz, Aschränkungen bei der Späicherplaz gëtt.

Wat kënnen d'Applikatiounen vun dëser neier Technologie sinn?

De blockchain ka net nëmmen Kryptowährungen wéi de bitcoin mee och aner digital Contenuen wéi Konscht, Musek, Texter oder Fotoen steieren a kann z.B. och eng ganz interessant Applikatioun fir Aktivitéiten am Beräich spice mining duerstellen.

Wat bedeit elo de blockchain fir eist Land?

Mee wéi fir all aner Land och hu mer hei eigentlech eng formidabel zousätzlech Opportunitéit fir un där neier digitaler Economie eis ze bedeelegen andeem mer

iwwer dës Technologie eng Rei zousätzlech Businessmodeller kënnen en place setzen, déi net nëmmen an Interressi vun all eise Bierger sinn, mee awer och den wirtschaftltechn, sozialen a finanziellen Tissus vun eisem Land verstärken.

Andeem eis Finanzplaz am Moment weltwäit eng nei Leaderpositioun anhëlt wat Finanzleeschungen ubetrëfft, souwuel um Niveau vun de Banken, dem e-commerce, wéi awer och der Fongenindustrie hu mir natierlech als Land extrem vill ze gewannen an dëser Course a Richtung vun enger neier Economie.

A mir als Land op kee Fall hei dierfen den Zuch verpassen an déi Opportunitéiten vun der blockchain an op der sougenannter Tokenisatioun wat Verschlësselung vun informatëschen Donneën ass, z'ergräifen.

Dann ass natierlech de blockchain och eng formidal Opportunitéit fir den Developpement vun neien Technologien am Weltall an ass domadden eigentlech och op der Linn vum Projet vun der Regierung vum space mining.

Här President,

mir wäeren frouh demëtten och t'Positioun och vun der Regierung zu dëser ganzer Thematik ze héieren, ech muss lech och hei agestoen, dass ech extrem enttäuscht war iwwer déi Äntwert déi den Här Finanzminister mir op meng parlamentaresch Ufro zu deem selweschten Thema ginn huet.

Ech gesinn och do gewëssen, ech wëll elo net soen Meenungsdivergenzen, mee komm mer soen Kommunikatiounsdivergenzen zwëschen eisem Staatsminister an Kommunikatiounsminister, deen emer mat grousser Begeeschterung vun dësen Technologien op all méiglechen Konferenzen schwetzt a nach virun ganz kuerzem bei Allen & Overy, an der relativ grousser Reserv vun eisem Finanzminister heizou.

Ech wäert elo am Numm vu menger Fraktioun eng Motioun déposéieren déi eng ganz Rei vu konkreten Propositiounen beinhaltet an ech wär frouh wann t'Regierung, wéi dat sou übleg ass, net direkt eis Motioun ofleent, mee wann se déi géif an déi zoustänneg Kommissioun renvoyéieren fir och eng Kéier a Rouh iwwer déi verschidden Aspekter ze schwetzen well ech mengen, datt et eis alleguerten hei em d'Saach soll goen an dat hei wierklech net de Sujet ass fir Parteipolitik ze maachen.

## **Wat froen mir an dëser Motioun?**

Ma fir d'alleréisch hätt mir gären, datt t'Regierung hei eng task force en place géif setzen déi déi wichtegst Akteuren aus dem Finanzsecteur awer och aus aneren Secteuren, wéi dem ICT-Beräich, mat de Verrieder vun der Universitéit an datt déi taskforce esou schnell wéi méiglech sech soll op eng Reih vu Recommandatiounen eenz maachen, déi dann vun dëser, oder villäicht der nächster Regierung éischer, emgesaat ginn.

Dann froe mir, datt d'Mëttelen vun der CSSF wat blockchain oder DAT ubetrëfft solle substantiell vergréissert ginn, well et jo wahrscheinlech t'CSSF herno ass, déi t'Kontroll an t'Surveillance vun deenen Sociétésiten an Entreprises déi Applikatiounen vun der blockchain maachen, zumindestens wat de Volet Finanzsecteur an Fintecceen ubetrëfft.

An deem Sënn proposéieren mir och, dass um Niveau vun der CSSF en information desk soll en place gesaat ginn deen et deene ville Acteuren vun der Plaz erméiglecht en direkten Interlocuteur ze fannen wat all Froen ubetrëfft déi en Relatioun mat dem blockchain an och den Kryptowährungen sinn.

Et ass nämlech esou dass et am Moment um Niveau vun de Banken schon esou e Service gëtt, bei de Fongen ass dat awer net de Fall an och fir t'Fongenindustrie ass déi Technologie vun gréisster Bedeitung.

Da froe mir, datt awer och hei eng Rei vun legislative Moossnahme geholl ginn.

Fir d'éischt froe mer, datt eng Legislatioun en place gesat gëtt, déi d'Investisseuren am blockchain an DAT eng Protectioun assuréiert, en attendant dass mer dann do hoffentlech europäesch Reegele wärten kréien.

Mir froen dann desweideren, datt een, ähnlech wéi eist Prospektusgesetz, am Kader vun der Fongenlegislatioun soll en place setzen, déi och den Handel mat Produiten vu Fongen iwver blockchain erméiglecht an déi do genau déi selwescht Exemptiounen viirgesäit wat d'offres publiccen vun esou Produiten ubetrëfft.

Dann froen mir eppes wat extrem wichteg ass, nämlech dass d'Acteuren vun der blockchain, genau wéi déi traditionnell Actueren vun der Finanzplaz natierlech deenen nämlechten strenge Reegelen wéi AML CTF ënnerworff ginn.

Dann froe mir, datt t'Steierverwaltung an den Enregistrement mol sollen hier Positioun festleeën wéi an Zukunft déi Transaktiounen an Kryptowährungen steierlech ugesinn ginn, well et ka jo och net sinn, datt iwwert de Wee vu blockchainen an Zukunft Transaktiounen gemaach ginn déi weder der TVA nach soss iergendéi enger Art vu Besteuerung wärten enerleien.

Dann mengen mir awer och, datt et wichteg wär, datt vun der Regierung eng Art Informatiounscampagne géiff gemaach ginn fir dobaussen d'Bierger an t'Consommateuren ganz besonnesch iwwert t'Risken vun de Kryptowährungen opzklären a mir mengen och, datt wesentlech méi Effortë misse gemaach ginn fir déi Technologie vum blockchain an eisen administrativen Prozeduren z'iwwerhuelen ëmmer erem mam Objektiv fir och dem Client, also dem administré dobaussen e besseren Zervice ze bidden.

Ech wëll och hei drop hiweisen, datt aner Länner hei schon wesentlech méi wäit sinn wéi Lëtzebuerg.

Ech denken do virun allem un t'Schwäiz mat der Kryptovalley zu Zug, ech denken awer och un t'Japaner, ech denken un d'Amerikaner an awer och ganz besonnesch un t'Fransosen déi elo schon erméiglechen datt op der Bourse kënnen Pobeieren quotéiert ginn déi iwwert blockchain gehandelt ginn.

Ganz besonnesch hei erginn sech extrem grouss Opportunitéiten well elo schon d'Spezialisten soen, datt hei t'Chancen grouss sinn, datt an deene nächsten Joeren emer méi Transaktiounen iwwert blockchain wärten ofgewékelt ginn an ech mengen, datt do ganz besonnesch och t'Finanzplaz hei den Zuch net dierf verpassen.

Mir hunn iwrejens, Här President, och zur Kenntniss geholl, datt t'CSSF enger japanescher blockchain-Plattform bitflyer den Agrément ginn hunn, wat mir och prinzipiell begréissen, nach wäre mer awer do frouh vum Finanzminister Explikatiounen ze kréien wat den rechtliche Kader ass an deem dës digital Plattform sech dierf bewegen an op och hei t'Risken ganz besonnesch fir t'Reputatioun ganz besonnesch vun eiser Banken- a Finanzplaz assuréiert sinn.

Ech sinn iwerhaupt iwwerzeegt an dat ass och eng vun de Haaptconclusiounen, datt wa mer wierklech och wëllen d'Nidderlossen vun Entreprises aus dem Aktivitéitsberäich blockchain encouragéieren, ass et absolut indispensabel, datt

mer wierklech en appropriéierten juristeschen Kader fir dës Aktivitéiten awer och fir dës Sociéitéiten déi hei aktiv sinn, schaafen.

Här President,

den Objet vun eiser heure d'actualité haut ass eigentlech gewiecht fir och hei an der Chamber eng Discussioun iwwer dës nei Technologie ze féieren an deenen dofir natierlech zoustännegen Kommissiounen vun der Chamber.

Och a besonnesch t'Parlament als éischt Institutioun am Land muss onbedéngt dës Sujeten méi proaktiv ugoen an och begleeden.

An dësem Sënn hoffen ech, datt dës Debatt en éischten awer wichtegen Schratt an dës Diskussioun ass, well mir sinn eis alleguer bewosst, datt Digitaliséierung eis Wirtschaft awer och eist Land wärt an deenen nächsten Joeren fundamental veränneren an d'blockchain-Technologie ass e wichtegt Fundament vun dëser Digitaliséierung.

Komm mir verpassen also net hei déi unique Chance, dass mer eist Land hei op t'Weltkaart vun dëser Technologie setzen.

Ech soen lech merci